# Home : Offall

Fréier huet di 3-V-Regel gezielt: „Vermeiden, verarbeiten & verbrennen". Di méi aktuel 3-R-Regel „reduce, reuse, recycle"ass op eng Zero-Waste-Wirtschaft ausgeriicht wou de Volet „Verbrenne" nëmmen nach fir Offall zielt deen net recycléiert kann ginn. An engem Scoutschalet soll ee pragmatesch **di eenzel Plaze identifizéire wou Offal entsteet** an dann no Léisunge sichen:

- Kichen: Verpackunge an organesche Offall ...
- Versammlungssäll: Bastel- a Schreifgeschir, Verpackunge vu Naschlereie an Allerlee vum Knätsch iwwert den Apelbatz bis zu der Béchs (à éviter)...
- Dortoire: Naschlereie, Nuechnappeger...
- Sanitär: Tube vun Zënnseef a Shampoingsfläsche ...
- Technik a Verwaltung: Electromenager, Beliichtungsmëttel, Sperrmüll, Ueleger ...
- Bereng: Gras- an Heckeschnëtt ...

**Op Plaze wou relativ vill Offall produzéiert** get, z.B. an enger Kichen ass et dachs mi greffeg a mi siichtbar fir scho beim Akafe opzepasse éier een henno di eenzel Offallzorte sënnert. Par conter get et dachs e **Recyclings-Defizit** op Plazen wéi Versammlungsräim wou net esouvill oder zimmlech onregelmässeg Offall ufällt, mee deen Offall deen sech dann usammelt ass dann ganz heterogen, vum Tube Pech iwwert eng Batterie bis zur Bananeschuel; an dësem Fall kinnte e puer mi kléng Sammelbehälter am Réuniounszëmmer oder dezentral um Gank hellefe méi ze recycléiere an de Restmüll esou kléng wi méiglech ze hale. Dselwecht an den Dortoire. Offall aus der Verwaltung gehéiert an de Reyclingszenter an de Gréngschnëtt gehéiert an d'Biotonne, an de Gréngschnettzenter oder op e Kompostkoup deen ower och géréiert a genotzt muss ginn.

De **Restmüll** komplett ze verhënnere ass net realistesch, mee en esouvill wi méiglech ze reduzéiere schon. Och hei kann ee flott Challenge tëscht de Versammlungsraim oragniséiere an nees iwwert d'Joër gekuckt verglaiche ob e Grupp mi no un d'Zéro-Waste-Zil erukennt oder nët. Natiirlech hänkt et och mat der Entwécklung vum Grupp zesumme, wiisst en oder sinn manner Aktivitéite....

**En aner Challenge sin Aktivitéite** wéi Campkiirmesse oder Summerfester, Buergbrenne oder sos Gruppeaktivitéite wou ee gezilt Jalon'e setze kann a Richtung 3-R: Gedrénks vum Dépositaire, d'Verzichte op Eewee-Couverte, -Tellere- an -Bechere an amplaz de Spullweenche vun der Gemeng oder e komplette Service deen ee knaschteg zréckginn kann, en gros-Akafe fir de Verpackungsmüll ze reduzéiere, d'Promotioun vun Ecobox/Tupperwareähnleche Behälter mat Consigne „Bréng däin Däppche mat fir de Räscht vun dengem Menu anzepake wanns du en nët ganz paks...", Pakalu an der Gamelle amplaz an der Staniolsbarquette, Fëmmeck amplaz Zigrette um Buedem ...

Den **Upcycling** ass eng néi Dimensioun di sech erreicht an de läschte Jore duurchgesat huet a méi ass wéi just en Trend: d'nees Abaue vu guddem Baumaterial dat enzuerchaanescht ausgebaut gouf. Dës Praxis vu Récupératioun vu Material kritt am aktuelle Kontext vun enger Verknappung vu Baumaterial (ganz besonnech Holz, Stôl, Glas oder zesummegesatene Produite) en néie Stellewaert. Eng Fënster an eng Dir déi virun der Démolitioun gerett get, muss nët onbedengt eng schlecht Fenster oder Dir sinn, eventuel démodéiert wat d'Form oder d'Fuaerf ugeet, mee z.B. mat néier Schliesstechnik réaffectéiert an dem Gebai eng konform, mee originel Nues gin. Miwwel aus Alholz néi baue, Miwwel frësch maache an néi zesummesetze... De Projet Aerdschëff vum Réidener Lycée ass hei e gudd Beispill wéi Al an Néi matenee goe kënne.


> Lëtzebuerger Guiden a Scouten
> Arbechtsgrupp Nohaltegkeet
> nohaltegkeet@lgs.lu



*Home : Offall, Editioun vum 18. September 2021*